Jean MILMEISTER

DE PANZER BEIM CLIERFER SCHLASS

Virdrag an der Generalversammlung vum CEBA de 6. Abrëll 2003 zu Harel

Virun engem Joer huet de Präsident Camille Kohn dem CEBA- Comité de «Cliärrwer Kanton» ënnerbreet, an deem de Pierre Eicher eng Photo publizéiert hat, op deer een e Sherman M4A3 ouni Kanoun gesäit. Mat der Lupp kann een op der Photo de Marquage 9Δ 2Δ B2 erkennen. Dem Text no huet et sech em de Sherman gehandelt, deen am viischten Haff vum Clierfer Schlass steet an elo de Marquage 707Δ A-10 huet. Ass dee Marquage falsch?

De Problem ass méi komplizéiert ginn, wéi eise Comités-Member Fernand Zens, deen de Panzer virun 2 Joer ugestrach huet, Photoen virgeluegt huet, op deenen en eelere Marquage mat 707Δ ze gesi war, deen en eräusgeschlaff hat.

De 9. Februar 2003 huet de Comité mech chargéiert, eng Recherche ze maachen, fir d'Identitéit vun dem Clierfer Panzer festzestellen.

Ech hunn an enger Dose Bicher nogebliedert, awer et war schwéier eppes genaues ze fannen.

An *«A Time for Trumpets»* schreift de Charles B. MacDonald:

«Before daylight on December 18, a Sherman – from where and what unit, nobody inside the château knew – took up position in the outer courtyard. After daylight, as German tanks shoved aside the destroyed Mark IV on the road above the town and began descending the hill, the Sherman opened fire. From the road, the Sherman was difficult to spot, but somebody eventually picked it up. A first round merely scratched the armor plate, but a second entered between the turret and the hull, blowing off the gun.» (S. 279)

De Sherman wir den 18. Dezember 1944 muerges an dem viischten Schlasshaff, do wou en haut steet, zweemool getraff ginn. Iwwer d'Eenheet zu deer e gehéiert huet, seet e näischt.

De Problem ass nët esou einfach, well de 17. Dezember 1944 wéinestens 30 Sherman an an ëm Clierf waren.

- Déi eng hunn zur A Kompanie vum 707. Tank Battalion gehéiert, dat un déi 28. Infanteriedivisioun ugegliddert war (Kommandant: Bruce M. Hostrup).
- Déi aner hunn zur B Kompanie vum 2. Tank Battalion, 9. US- Panzerdivisioun gehéiert (Kommandant: Robert L. Lybarger).

Ma wou waren di zwou Kompanien Sherman am Asaz?

An der Geschicht vun der 2. däitscher Panzerdivisioun, déi mat dem Bataillon Monschau vum 2. Panzergrenadierregiment, 2 Pelotonen Panzer IV vum Panzerregiment 3 an engem Peloton vun der Panzerjäger-Abteilung 38 vu Maarnech hir op Clierf virgestouss ass, heescht et einfach:

«Im Zuge des weiteren Vormarsches auf Clerf – die uns begleitenden Pioniere und marschierenden Panzergrenadiere folgten uns nur zögernd – wurden zwei (...)



De Marcel Staar steet am Tur vum Sherman M4A3 beim Hans Kratzenberg. De Jean Gloden vu Cherf huet d'Photo geknipst an de Marcel Staar huet se a sengem Buch "Waffenträger wider Willen" (S.603) publizéiert. Am "Ochsenweer Kanton" (Editions Spéciale 2001) huet de Pierre Lieber op de Marquage **9 V 2 V B2** higewisen.

Sturmgeschütze abgeschossen, wobei beide Besatzungen nur leichte Verletzungen erlitten.

Nun stockte der Vormarsch bis zum Morgengrauen. Erst dann erkannte ich, daß ein am Ortseingang von Clerf in einer Kurve getarnt stehender amerikanischer Panzer unsere Wagen abgeschossen haben mußte. Vermutlich hatte dann die amerikanische Besatzung ihren Kampfwagen verlassen, so daß uns der Panzer unversehrt in die Hände fiel. Der frühmorgens eingesetzte Zug Wildt hatte tagsüber dann aus einer Höhenstellung die denkbar beste Schußposition und beherrschte den Ort vollkommen, so daß der Amerikaner in seiner Bewegungsfreiheit völlig gehemmt war. In Verbindung mit schweren Granatwerfern wurden mehrere feindliche Panzer abgeschossen bzw. kampfunfähig gemacht.» (S. 181)

De Professor Joseph Maertz beschreift méi genau den Asaz vun 3 Gruppen vun amerikanesche Panzer, ma e seet näischt doriwwer, wat fir eng Eenheet et war. Mat den After Action Reports vum 707. Tank Battalion a vum 2. Tank Battalion hunn ech dës 3 Gruppen identifizéiert.

Iwwer di 1. Grupp Sherman schreift de Joseph Maertz:

«Am Sonntag morgen hatten amerikanische Panzer ihre Stellungen auf der Straße bezogen. Der vorderste stand genau am Haupteingang zum Sanatorium, wo er die Straße auf eine lange Strecke beherrschen konnte. Aber nur wenige Schüsse sollte er abgeben, da war es um ihn geschehen. Eine deutsche Granate durchschlug seine Stahlplatten und setzte ihn in Brand.

Nun kroch die lange Schlange deutscher Panzer, die tags vorher von Marnach vorgedrungen war, langsam ins Tal nach Clerf. Allmählich kamen sie in die erste Kurve beim Sanatorium, die nach Erledigung des amerikanischen Panzers kein Hindernis mehr bot. Langsam ging's am Friedhof vorbei in die zweite Kurve. Dort stand etwas tiefer, in Deckung, ein zweiter «Amerikaner». Plötzlich blitzte das Rohr des ersten deutschen auf, eine Sekunde später als das amerikanische, und der «Amerikaner» war getroffen. Nun war auch die zweite Kurve frei. Es blieb noch die Dritte.» (S. 155)

Et huet sech hei em 5 Sherman vum 2. Peloton, Kompanie A, 707.Tank Battalion, énnert dem Lieutenant Stevens gehandelt. De 17. Dezember 1944 um 9.30 Auer waren si zu Clerf an der Reserv a sinn an den 3 Kéiren beim Kierfecht a Stellung gaangen. Beim Getecht si 4 däitsch an 3 amerikanesch Panzervehikel ofgeschoss ginn. Mat sengen 2 Sherman, déi iwwreg blouwen, huet de Lieutenant Stevens sech op Drauffelt zeréckgezunn. Déi zerstéiert Panzer si vun der Strooss gedréckt ginn. No dem Krich louchen nach e Sherman an en däitscht Sturmgeschütz beim Kierfecht.

Iwwer di 2. Grupp Sherman schreift de Joseph Maertz:

«Als nun schon mehrere amerikanische Panzer verloren waren, rollten andere auf der Straße Clerf-Drauffelt heran. Hier waren sie durch die steile Böschung unter dem Sanatorium gegen deutsche Artillerie und Panzerfaust geschützt und zugleich unsichtbar für die deutschen Angreifer.

Der erste deutsche Panzer fuhr der hohen Friedhofsmauer entlang in die dritte Biegung ein, um sie zu erzwingen. Aber kaum hatte er sich der Kreuzung genähert, da fuhr blitzschnell ein «Amerikaner» aus seiner Deckung vor und schoß den Gegner in Brand. Die deutsche Besatzung floh, die übrigen Panzer rollten wieder schnell hinter die schützende zweite Kurve zurück.



Den 1. an 2. Peloton vun der A Kompanie, *707e Tank Battalion* waren an den dräi Kéiere beim Kierfecht agesat. Déi 5 Panzer vum 3. Peloton, B Kompanie, *2e Tank Battalion, 9e US Armored Division* waren am Zentrum vu Clierf: (1) beim Schlass (2) beim Bazar Kopp (3) bei der Post (4) beim Hotel Wagner (5) ënnen um Hotel Claravallis.



An der Kéier beim Kierfecht leien en däitscht Sturmgeschütz III an en amerikanische Sherman, déi vun der Strooss gedréckt gouwen. De Marquage 707Δ A9 um Sherman weist, dass et e Panzer vum 2. Peloton, A Kompanie, *707e Tank Battalion* war. Ass dofir de Sherman am Schlasshaff vläicht **707Δ A10** marquéiert ginn? (Photo: U.S. Army)

Bald sahen die Amerikaner, wie deutsche Soldaten über ihnen, am Fuße des Sanatoriums, die gefürchteten kleinen Pakgeschütze in Stellung brachten. Gelang es den leichten Kanonen, in steilem Schußwinkel nach unten die amerikanischen Panzer zu erreichen, dann waren diese verloren. Deutsche Infanterie, mit Panzerfäusten bewaffnet, kroch auf allen Vieren die Böschung hinunter. Da zogen sich die Amerikaner langsam auf der Straße nach Drauffelt zurück.» (S. 156)

Et handelt sech hei em 5 Sherman vum 1. Peloton, Kompanie A, 707.Tank Battalion, ënnert dem Lieutenant Raymond E. Fleig. De Colonel Fuller hat se vu Munzen zeréckgeruff, wou se am Asaz waren. Se sinn duerch den Dall op Clierf gefuer an ënnen bei der 3. Kéier eräuskomm. De Lieutenant Fleig huet deen éischte Panzer IV ofgeschoss, deen d'Strooss erofkoum. Domat war d'Strooss vu Maarnech op Clierf fir eng Zäit blockéiert. Den 1. Peloton huet sech du och op Drauffelt zeréckgezunn.

D'Panzer vun der Kompanie A, 707.Tank Battalion waren also viru Clierf an den 3 Kéiren beim Kiirfech agesat.

Iwwer déi 3. Grupp Sherman schreift de Joseph Maertz :

«Vom Westen her kam im Laufe des Vormittags amerikanische Panzerverstärkung. Der erste Sherman fuhr den alten Schloßweg hinauf bis zum Haupteingang der Burg und ging dort in Stellung. Andere stellten sich in der Nähe des Postgebäudes in der Hauptstraße auf, um den Platz zwischen den beiden Schlössern zu schützen.

Der vorderste Haupteingang zum «alten» Schloß stand viel zu ungeschützt. Von der Marnacher Straße her war er leicht zu treffen, und in nächster Nähe lauerten bereits deutsche Spähtruppen. Nicht lange dauerte es, und er war kampfunfähig geschossen. Der zweite hatte unterdessen gemerkt, daß hinter dem «neuen» Schloß eine deutsche Kanone gegen die Burg feuerte. Blitzschnell fuhr er aus seiner Deckung auf den freien Platz, sein Rohr hob sich, einige gutgezielte Schüsse krachten in den Park hinein, und die deutsche Kanone war zum Schweigen gebracht. Schon war der Panzer wieder hinter den Giebeln verschwunden - das Ganze war das Werk von nur wenigen Sekunden.

Am Nachmittag war die Marnacherstraße freigekämpft worden. Ein einzelner deutscher Panzer löste sich von der langen Kolonne ab und rollte in sausender Fahrt über die Brücke ins Städtchen hinein, vorbei an den schönen Hotels des Zentrums bis zu der zweiten amerikanischen Sperre zwischen «altem» und «neuem» Schloß. An der leichten Kurve unterm Hexenturm machte er halt und legte sich auf die Lauer, durch einen vorspringenden Hausgiebel gedeckt und dem Blicke des Gegners entzogen.

Kaum 100 Meter entfernt, nahe dem Postgebäude, lag der amerikanische Panzer. (...) Nach dem vierten Schusse trat eine ganz kurze Pause ein, der Amerikaner mußte wieder neue Munition einschieben. Auf diese wenigen Augenblicke hatte der Deutsche gewartet. Blitzschnell stieß er hinter dem Giebel vor, ein Schuß krachte - und der «Ami» war getroffen und erledigt.

Einige hundert Meter weiter zurück, an einem Hotel, in Richtung Bahnhof, standen wieder amerikanische Panzer. Auch ihr Schicksal war bald besiegelt. Ein deutscher Stoßtrupp war von der Reuler Höhle durch den Park ins Tal vorgedrungen, mit Panzerfäusten bewaffnet. Im Schutze des Hochwaldes konnten die Soldaten sich bis auf 100 Meter an die Amerikaner

heranschleichen. Rasch durchquerten sie den Bach, gingen in Deckung, eine lange Stichflamme schlug nach rückwärts, die Panzerfaust traf mitten ins Ziel.» (S. 160)

Et huet sech hei em 5 Sherman vun der Kompanie B, 2. Tank Battalion, 9. US-Panzerdivisioun, gehandelt ënnert dem Kommmando vum Captain Robert L. Lybarger. Beim Antoniushaff, wou d'Kompanie B vum 2. Tank Battalion mat der Kompanie C vum 52. Armored Infantry Battalion eng Stroossespär ariichte sollt (Task Force Rose), krut de Captain Lybarger um 10.00 Auer den Uerder, op Clierf ze fueren an sech beim Colonel Fuller ze mellen. De Fuller huet d'Sherman vun der Kompanie B opgedeelt an den 1. Peloton op Hengescht, den 2. Peloton op Reiler geschéckt, den 3. Peloton huet en zu Clierf gehalen.

Géint 11.00 Auer sinn den 1. an 2. Peloton bei der Clierfer Gare de Bierg aus a Richtung Ischpelt gefuer. Den 1. Peloton ass weider op Hengescht gefuer, wou 2 Sherman ofgeschouss gouwen. Déi 3 aner hunn sech am Nomëtteg op Reiler zeréckgezunn.

Den 2. Peloton ass op Reiler gefuer. De Captain Lybarger, de Kompaniechef, war beim 2. Peloton. Säi Panzer ass a Brand geschoss ginn an en ass an en anere Panzer geklommen, deem säi Kommandant am Tur erschoss gi war. De Captain Lybarger ass du op de Kommando vum 2. Infanteriebataillon vum 110. Regiment zu Reiler geruff ginn an en huet dem Chef vum 2. Peloton de Kommmando iwwerginn.

Den 2. Peloton hat nach 2 Sherman, wéi déi 3 Panzer vum 1. Peloton vun Hengescht koumen. Owes géint 23.00 Auer hunn déi 5 Panzer sech a Richtung Ischpelt zeréckgezunn. Se sinn op däitsch Panzer a Pak gestouss an hu probéiert duerch d'Wisen op Clierf ze fueren, ma 3 Sherman krute Ketteproblemer a gouwe mat enger Thermite-Granat gesprengt, déi 2 aner sinn agesackt a gouwen och gesprengt.

Den 3. Peloton vun der Kompanie B ënnert dem Lieutenant Scully ass zu Clierf bliwwen an déi 5 Sherman sinn an der Haaptstrooss a beim Schlass a Stellung gaangen.

Wat ass mat deene 5 Sherman geschitt?

De 17. Dezember 1944 um 15.00 Auer huet déi 2. däitsch Panzerdivisioun Clierf mat Panzer IV vum 3. Panzerregiment, mat Sturmgeschützen vun der Panzerjägerabteilung 38 a mat Deeler vum Panzergrenadierregiment 2 vu Süden a mat Panther vum 3. Panzerregiment mat Panzerjäger, mat dem Panzerpionier-Bataillon 38 a mat Deeler vum Panzergrenadier-regiment 2 vu Nordosrten ugegraff.

Em 17.00 Auer huet de Lieutenant Scully, de Pelotonchef, e leschte Message duerchginn : «We're surrounded and can't get out. They're closing in and we're fighting like hell. Guess this is it!»

No dem After Action Report vum 2. Tank Battalion hat den 3. Peloton dee Moment nach 3 Panzer.

De 5. Sherman, de leschten an der Kolonn, war schon ofgeschoss ginn, wéi déi 5 Panzer durch d'Haaptstrooss gefuer sinn, fir a Stellung ze goen. Vun de 5 Mann Besatzung war een dout, ee verwonnt an dräi koumen dervun. Dëse Panzer war duerch Panzerfaust ofgeschoss ginn, wéi de Joseph Maertz erzielt, a stung net wäit vum Hotel Claravallis, wou de



De Sherman B-2 stung hannert dem Giewel vum Haus Kratzenberg. En ass no vir gefuer fir ze schéissen an huet seech erëm hannert de Giewel zeréckgezunn. Nodeem en e Sträifschoss kritt hat, ass en zeréck gefuer an hannen an den Eck vum Giewel gestouss.

(Zeechnung: Fernand Zens)

Clierf 1945: no der Schluecht; am Krees den ofgeschossene Sherman. (Foto: *U.S. Signal Corps)*



De Sherman B-2 weist Spure vun dräi Schëss op:

1. e Schoss uewen um Sockel vun der Kanoun
2. e Schoss, deen tëschend dem Tur an dem Chassis eragaangen ass
3. e Schoss, dee lénks um Tur ewech geschëppt ass.



Jens

(Zeechnung: Fernand Zens)

Fuller säin Haaptquartéier hat, a Flamen. Doduerch war deenen anere Panzer de Réckzug ofgeschnidden.

Géint 18.00 Auer huet e Panther dem Colonel Fuller säin Haaptquartéier am Hotel Claravallis beschoss, ma de Fuller ass hannenaus iwwer eng eise Bréck op d' Fielsen entkomm. Well de leschte Sherman, dee gebrannt huet, d'Strooss blockéiert huet a well et däischter war, hunn déi dräi lescht amerikanesch Panzer d'Nuecht iwwerlieft.

Den 18. Dezember 1944 wéi et muerges hell gouf, sinn d' Panzer IV vu Süden an d'Panther vun der Gare hir an d' Haaptstrooss virgestouss.

Den 2. Sherman stung an der Haaptstrooss beim Bazar Kopp, wou haut de Wilmes ass. A mengem Buch *«Die Ardennenschlacht 1944-45 in Luxemburg»* beschreift den Hans Hejny, dee mat dem Panzerpionierbataillon 38 vun der Gare erfort laanscht d'Loretto-Kapell duerch de Bësch bis bei d'Opfaart vum Schlass virgestouss war, wéi dëse Sherman ofgeschoss gouf:

«In einer Entfernung von etwa 50 Meter brannte lichterloh ein amerikanischer Shermanpanzer. Dahinter lagen noch einige Amis in Deckung, aber für die armen Teufel gab es kein Entrinnen mehr. Sie konnten vom brennenden Panzer nicht in Sicherheit springen. Man ließ ihnen keine Möglichkeit zur Flucht. Zu viele Augen und Gewehrläufe warteten gespannt auf ihr Hervorbrechen. Dichter Qualm nahm fast jede Sicht und die enorme Hitze brachte vorerst die Maschinengewehrmunition im Panzerinnern zur Explosion. Nun, lange könnten es die Amerikaner hinter dem Panzer bestimmt nicht mehr aushalten und müssten doch die erbärmlichste Deckung der Welt verlassen. Eine ungeheure Detonationswelle erschütterte die Straße. Ganze Stahlteile wurden durch die Luft geschleudert und mit Getöse barsten die Fensterscheiben der umliegenden Wohnhäuser. Ein fürchterlich heißer Sturmwind zwang mich hinter das schützende Hauseck zurück, begleitet von Erstickungs- und Hustenanfällen. Eine günstige Gelegenheit abwartend, lugte ich wieder nach vorne, jeden Augenblick könnte sich das Inferno wiederholen, nachdem nun die Panzergranaten krepierten. Da ... jetzt sah ich zum ersten Mal einen amerikanischen Soldaten, und dieser sprang um sein Leben. Im Geist drückte ich ihm die Daumen, vielleicht würde er es schaffen und konnte sich retten. Kaum hatte er den waghalsigen Sprung seitwärts gewagt, peitschten Schüsse von Gewehren und Maschinenpistolen auf den Bedauernswerten. Zu Tode getroffen stürzte er zu Boden. Sein Kamerad sprang, die tödliche Gefahr mißachtend, ihm nach und als er sich über den am Boden liegenden beugen wollte, sank auch er, von mörderischen Kugeln getroffen, zusammen.» (S. 236)

Den 3. Sherman stung bei der Post. En huet geschoss an sech dann erëm hannert de Giewel op der anerer Säit vun der Strooss zeréckgezunn. An deem Panzer war den Donald C. Fink Kanonéier. En huet mir geschriwwen, dass en däitschen Panzer dee Giewel an e Koup geschoss huet, sou dass de Sherman immobiliséiert war. Den Donald Fink huet du d'Kanoun mat enger Thermite-Granat zerstéiert.

De 4. Sherman ass beim Hotel Wagner ofgeschoss ginn.

Wat ass mat dem 1.Sherman am Schlassbierg, dem B-2 geschitt?

De Sherman B-2 war de 17. Dezember 1944 géint 11.00 Auer mat dem 3. Peleton vum 2. Tank Battalion op Clierf komm a bei der viischter Paart vum Clierfer Schlass a Stellung gaangen. En huet vun do aus op déi däitsch Kolonn vu Panzer, Sturmgeschützen a

Panzerspähween geschoss, déi op der Maarnecher Strooss gehalen huet, well d'Panzerspëtzt an de Kéiren beim Kierfecht a Kämpf mat de Sherman vun der Kompanie A vum 707. Tank Battalion verwéckelt war. Wann e geschoss hat, huet de Sherman B-2 sech erëm e Stéck de Bierg erof zeréckgezunn an ass hannert dem Giewel vum Haus Kratzenberg an Deckung gaangen.

Mat dem Henri Trierweiler an dem Fernand Zens hunn ech de Sherman beim Clierfer Schlass genee ënnersicht. E weist Spuren op vun dräi Schëss, déi e getraff hunn:

1. e Schoss uewen um Sockel vun der Kanoun an uewen um Tur
2. e Schoss, deen tëschend dem Tur an dem Chassis eragaangen ass
3. e Schoss, dee lénks um Tur eweggeschëppt ass.

Wat war d'Reihenfolg vun den dräi Schëss?

E Bericht vum Donald Fink, deen am Panzer bei der Post war, huet Klorheet bruecht. Hee schreift:

«A shell had bounced off the front of it, and the crew had deserted it intact. That night before the enemy could get to it, Lt. Scully wanted it brought back to bolster our position. I would have thought he would order its crew to bring it back, but instead asked for three volunteers. I was not one to readily volunteer for anything, but could see the importance of its fire power. Three of us sneaked out of the door, and crawled along a wall. We were almost to the tank, when a Very light lit up the whole area. A machine gun opened fire on us. The fact that the bullets were climbing was all that saved us. One bullet grazed the top of my helmet and scared the hell out of me. We went back into the building as fast as we could. I wonder if I could crawl that fast again.»

De 17. Dezember 1944 géint Mëtteg ass de Sherman B-2 vun engem Sträifschoss getraff ginn an d'Mannschaft huet sech duerch d'Bascht gemat.

Géint 17.00 Auer huet de Lieutenant Scully, de Chef vum 3. Peloton, duerchginn, se wiren emzingelt an hätten nach 3 Panzer. Et ass däischter ginn an en huet probéiert, de Sherman B-2,deen intakt beim Schlass stung, zeréck bei d'Post ze bréngen. Ma en huet der Mannschaft, déi de Panzer verlooss hat, net getraut an dräi Fräiwëlleger gesicht, fir en zeréckzebréngen. Ee vun hinnen war den Donald Fink. Ma déi dräi Mann sinn ënner Beschoss geroden a séier zeréck bei d'Post gekroch.

Dat beweist, dass dee Moment d'Kanoun nach um Panzer war, well e Panzer ouni Kanoun hätt näischt genotzt an et hätt kee Sënn gehat, en zeréckzebréngen.

D'Kanoun mat dem Sockel ass ofgesprengt ginn, wéi e Schoss an der Mëtt tëschent dem Tur an dem Chassis eragaangen ass an e Lach vu 7-8 cm hannerlooss huet.

Wann d'Mannschaft nach am Panzer gewiescht wir, da wir se emkomm. De Schoss tëschend Tur a Chassis kann nët deen éischte gewiescht sinn. Ma wat fir e Schoss hat d'Mannschaft derzoubruecht, sech aus dem Stëps ze maachen? War et de Sträifschoss, dee lénks vum Tur ofgeschëppt ass, oder dee liichte Sträifschoss uewen vum Tur? Dat léisst sech net mat leschter Secherheet feststellen.



17. Dezember 1944 géint Mëtteg:
① Schossrichtung vum Sherman B-2 beim Schlass
② Richtung vun dem däitsche Sträifschoss, deen de Sherman B-2 getraff huet.

(Zeechnung: Fernand Zens)



(Zeechnung: Fernand Zens)

Eent steet fest: de 17. Dezember 1944 géint Mëtteg ass de Sherman B-2 beim viischte Portal vum Schlass vun engem Sträifschoss getraff ginn. De Panzer war nach intakt an en huet probéiert zeréckzefueren, ma en ass hannen géint de Giewel vum Haus Kratzenberg gestouss. Du huet d'Mannschaft sech duerch d'Bascht gemat. De Panzer huet nët méi um Kampf deelgeholl, e war « out of action ». Den Tur ass an deer Positioun stoe bliwwen, an deer d'Kanoun fir d'lescht geschoss hat, wéi d'Mannschaft e verlooss huet. Dat gesäit een op der Photo an och wann een déi zwou Halschechten vum Aschosslach vergläicht. Sou wéi de Sherman elo do steet, mat der Kanoun riicht aus, passen déi zwou Halschechten net iwwereneen. Se passen wann d'Kanoun (vum Kanonéier aus gesinn) eng 33 Grad no lénks gedréit ass. Well de Panzer a Richtung Kierfecht gedréit war, huet d'Kanoun op d'Maarnecher Strooss beim Aussichtspunkt gewisen. De Sherman huet also op d'Maarnecher Strooss geschoss, wou déi däitsch Panzer IV a Sturmgeschütze stungen, deenen hir Panzerspëtzt beim Kierfecht duerch d'Kompanie A vum 707. Tank Battalion opgehale gouf.

Den 18. Dezember 1944 muerges, wéi di 2. Panzerdivisioun d'Clierfer Schlass gestiermt huet, ass de Sherman B-2, dee nach intakt war, vun der Maarnecher Strooss erfort erëm beschoss ginn, well et wosst jo keen, dass d'Mannschaft sech aus dem Stëps gemat hat. Du koum de 7,5 cm-Schoss deen tëschend dem Tur an dem Chassis eragaangen ass an d'Kanoun mat dem Sockel ewech gesprengt huet. E kann vun engem Panzer IV, engem Sturmgeschütz III oder enger Pak 7,5 cm komm sinn.

Wie war an dem Sherman B-2?

Vun der 9. US-Panzerdivisioun huet et geheesch, de Captain Robert L. Lybarger, de Kommandant vun der Kompanie B, wir am Sherman B-2 gewiescht. Dat kann nët stëmmen, well:

1. de Generol Leach, deen an der Ardennenoffensiv de Chef vun der Kompanie B vum 37. Tank Battalion, 4. US Panzerdivisioun, war, huet mir bestätegt, dass heen als Kompaniechef am Sherman B-1 war.[1] De Lybarger misst also och am B-1 gewiescht sinn.
2. dem Captain Lybarger säi Panzer ass de 17. Dezember 1944 géint Mëtteg zu Reiler ofgeschoss ginn, zur selwechter Zäit wéi de Sherman B-2 beim Clierfer Schlass e Sträifschoss krut.
3. et ass kaum unzehuelen, dass de Captain Lybarger beim éischten Sträifschoss mat senger Mannschaft säi Panzer verlooss huet.

De Captain Robert L. Lybarger war also net am Sherman B-2. Den Donald Fink schreift, et wir e Panzer vum 3. Peloton vun der Kompanie B gewiescht a säi Kommandant hätt William Murtah geheesch. Wahrscheinlech huet am 3.Peloton vun der B-Kompanie ee Panzer gefeelt, sou dass de Sherman B-2 beim 3.Peloton agesat gouf, fir dass deen och 5 Panzer hätt.

De Sherman M4A3 mat 76 mm Kanoun am viischten Haff vum Clierfer Schlass ass identesch mat dem Sherman M4A3 mat dem Marquage 9Δ 2Δ B2 op der Photo.

1. well en deeselwechten Sträifschoss lénks um Tur huet wéi de Panzer op der Photo.
2. well d'Kompanie A vum 707. Tank Battalion baussent Clierf an de Kéiren beim Kiirfecht agesat war, an d'Kompanie B vum 2. Tank Battalion a Clierf selwer.

[1] D'B-Kompanie vum 37. Tank Battalion hat 17 Sherman an 1 Sherman mat 105 mm-Kanoun (assault gun). Déi 3 Pelotonen hate jiddferee 5 Sherman, also 15. Vun deenen 2 aner Sherman (B-1 a B-2) war een de «command tank» (B-1) deen aneren (B-2) war beim Bataillounshaaptquartéier a gouf do vum S-3 vum Batailloun benotzt mat der Mannschaft vun der B-Kompanie.

3. well dat 707. Tank Battalion mat Sherman M4A1 mat 75er Kanoun an déi 9. Panzerdivisioun mat Sherman M4A3 mat 76er Kanoun equipéiert war.

Wat ass nom Krich mat dem Sherman B-2 geschitt ?

Bis 1956 stung de Sherman B-2 widder dem Giewel vum Haus Kratzenberg, wou en den Eck agedréckt hat.

De Jos Weisgerber erënnert sech, dass d'Lëtzebuerger Arméi deemols mat zwou Depanneusen, enger vum Matériel vun der Cap, an enger vum Garage vun Dikrech vum Garage, zu Clierf am Asaz war an de Sherman duerch e Lach, dat an d'Ringmauer gemat gouf, an de viischten Schlasshaff geschleeft huet.

Well den Duerchschoss de Kranz vum Tur abiméiert hat, huet dee sech net méi dréie gelooss. E gouf lassgebrannt, riicht opgesat an ugeschweesst.

Och de Kanounerouer mat dem Sockel ass agesat ginn an d'Agäng vum Panzer gouwen zougeschweesst. Wahrscheinlech gouf deemols mat enger Schabloun 5Δ dropgeschriwwen, well déi 5. US-Panzerdivisioun d'Stad Lëtzebuerg am September 1944 befreit hat.

Méi spéit huet de Pierre Eicher veranlasst 707Δ drop ze schreiwen, well den Ustrécher Lutgen him erzielt huet, op dem Panzer hätt «707 America» gestanen.

Elo misst de Marquage un déi historesch Wierklechkeet ugepasst ginn an et misst erëm
9Δ 2Δ B2 drop stoe kommen.

MEDIUM TANK M4A3 (76) W
"SHERMAN"